N°2904
Entrée le 15.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 2904 vum 19. September 2025 vum der Madamm Deputéiert Françoise Kemp.**

Déi honorabel Deputéiert renseignéiert sech iwwert d'Modalitéite vum Ëmtausch vun den ale Führerschäinsmodeller déi virun 2013 ausgestallt goufen.

1) Kann d'Regierung confirméieren, datt al Führerschäiner am "rosa Pabeier" zu Lëtzebuerg bis spéitstens den 19. Januar 2033 gülteg bleiwen am Aklang mam EU-Kader?

   Jo. Führerschäiner déi virun dem 19. Januar 2013 ausgestallt goufe bléife generell gülteg, virausgesat natierlech, dass de jeeweilege Führerschäi selwer virdrun net ofleeft a muss erneiert ginn.

2) Huet d'Madamm Ministesch Kenntnis doriwwer wéi vill rosa Permisë momentan nach am Emlaaf sinn?

   Am Moment (Stand 1. Oktober 2025) sinn der nach 62.094 am Ëmlaf.

3) Ass e gestaffelte Wiessel geplangt (z. B. no Joergäng oder beim éischte Rendez-vous)?Wéi gesäit de provisoresche Kalenner aus?

   E gestaffelte Wiessel ass am Moment net geplangt. Et goufe säit der Aféierung schonn eng séllege Führerschäiner am rosa Pabeierformat géingt den neie Plastikmodell ausgetosch. All Persoun déi hiere Führerschäi vum ale Format fräiwëlleg tausche wëll kann dat haut schonn duerch eng einfach Demande bei der SNCA maachen. Esou hunn zum Beispill 2023 3.112 an 2024 3.269 Leit vun dëser Méiglechkeet profitéiert. A bis 2033 wäerten der nach eng séllegen dobäi kommen déi dat op fräiwëlleger Basis maachen, oder wou de Führerschäi souwisou getosch muss ginn, well seng Validitéit op en Enn kënnt.

4) Ass eng national Campagne virgesi mat enger kloer definéierter Timeline?

   An Zesummenaarbecht mat der SNCA wäert de Ministère kucke wéini d'Leit spéitstens mussen informéiert ginn, fir dass jiddereen dee betraff ass genuch Zäit huet déi néideg Demarchen ze maachen an dass och genuch Produktiounskapazitéiten do si fir all dës Führerschäiner mat Zäite kënnen ze produzéieren. Wëll den Delai vum obligatoreschen Ëmtausch jo nach ronn 7 Joer an der Zukunft läit, steet de geneeën Zäitpunkt vun dëser Campagne elo awer nach net fest.

5) <u>Ass eng digital Versioun vum Führerschäin a Perspektiv?</u>

Déi nei europäesch Führerschäinsdirective déi d'Aféierung vun engem digitale Führerschäin an der ganzer EU virgesäit ass dëst Joer vum Conseil a vum EU-Parlament ugeholl ginn. Fir dës an nationaalt Recht ëmzesetzen ass en Délai vu 4 Joer virgesinn. Dësen Délai leeft awer eréischt, wann d'Direktiv am Journal Officiel vun der EU publizéiert ginn ass. Dat ass awer nach net geschitt. Am Kader vun der Transpositioun wäert dann och zu Lëtzebuerg den digitale Führerschäin agefouert ginn.

Lëtzebuerg, de 15. Oktober 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko BACKES